

CSV Hesper

Robert LEVEN

Budget 2024

Här Buergermeeschter, Dir Dame an Hären aus dem Schäfferot, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, Léif Nolauschterer heibannen an dobaussen,

Bei der Diskussioun zum Budget am Gemengerot geet et em méi wéi just dee fir dat nächst Joer: och de Budget rectificié vun dësem Joer an d'Kontinuitéit iwwert méi Joren spillen eng Roll. Et ass d'Häerzstück vun der politescher Gemengepolitik. Et ass och den éischte Budget an der neier Koalitioun no de Gemengewalen.

D'Entwécklung vum Klima gëtt fir de Mënsch ëmmer méi problematesch. Och mir kréien et elo ze spieren. Méi Hëtzt am Summer, ons Bëscher leiden ënnert ze wéineg Waasser, friem Planzen an Insekten maachen sech breet an d'Iwwerschwemmunge begrenzen sech net méi op de Wanter mee hunn elo och de Summer als neit Wierkungsfeld entdeckt, fir emol e puer Saachen ze nennen.

Dem IPCC seng Aussoen si méi wéi kloer: D'Klimakris gëtt duerch den CO<sub>2</sub> a vill aner Zäregase verursaacht an de Mënsch ass dofir responsabel. Mer mussen ons zolidd dru ginn, anerwäerts et ons ëmmer méi wäert schueden, dat huet de Rapport Stern schonns 2006 festgestallt. D'Léisung ass eigentlech relativ einfach: Fossil Brennstoffer am Buedem leie loossen, d'Energieproduktioun mat den erneierbare weider massiv ausbauen an un der Energie-Effizienz schaffen.

2 Saachen déi mech am Moment ower fatzeg Nodenklech stëmmen: Den COP28 gëtt vun enger Persoun an Iddie geleet déi méi Interessi um Ueleg an de Suen huet an d'Atomenergie gëtt elo vun der EU an um COP28 als Nohalteg ugesinn. Domadder gëtt déi néideg Energietransitioun ad absurdum gefouert.

Wéi soll d'Ëmsetzung an onser Gemeng goen? Technesch Léisunge sinn do, eleng de politesche Wëllen zielt! An dann si mer genee um Punkt: Wat sinn ons Méiglechkeete Responsabilitéit ze iwwerhuelen an ëmzesetzen? An déi drécken sech net nëmmen an Zuelen aus, mee och am Engagement.

Orientatiounen bidden ons déi 17 Nohaltegkeetsziler vun der UNO an de Paräisser Klimaaccord.

Op der Internationaler Konferenz vum Klimabündnis dëst Joer goufen duerch d'Modena Deklaratioun kloer Fuerderunge gestallt:

- Eng gréisser Unerkennung vun de Gemengen an der Klimapolitik,
- En dezentralem Energiesystem,
- An d'Klimakris och als sozial Erausforderung ze gesinn.

Eng weider wichteg Ausso:

*«Aktiounen géint de Klimawandel an d'Upassung mussen als Ganz gesi ginn».*

Wat bedeit dat fir ons?

D'Verbindung téscht dem Staat an de Gemengen huet mam **Klimapakt** e gutt Instrument. Hei treffen sech d'Erausforderunge vum PNEC an der Emsätzung op kommunalem Plang, inklusiv den Instrumenter, wéi den Enercoach an den Ecospeed, an hëllef den déi richteg Entscheedungen op Grond vu verlässlechen Donnéeën ze treffen. Ons Auszuechnung mam Gold Zertifikat dëslecht zu Lörrach weist datt mer um richteg Wee sinn. Déi gutt Zesummenaarbecht ënnert der Leedung vum Rainer Telaar wëll ech hei ënnersträichen. Mee et ass nach Loft no uewen. Mat der Ënnerstëtzung an d'Photovoltaik an an d'Produktioun vu Wärmenergie mat engem verbesserte Gemengereglement, setze mer déi richteg Zeeche fir ons Gemeengegebaier, wéi och fir ons Matbierger. D'Abberzuel vun Demandë fir nei Photovoltaik-Anlage schwätze fir sech.

Den elektreschen Energieverbrauch vun der Gemeng gëtt an der Tëschenzäit zu 18% duerch eegen erneierbar Energië gedeckt. Dat wäert sech mat den nei geplangte PV-Anlagen erhéijen. Net ze vergiessen dass mer als Gemeng nach just erneierbare Stroum bezéien.

D'Ëmsetzung vun der **Energiekarawane** vum Klimabündnis wäert dozou bäidroen d'Participatioun vun onse Bierger zu der Energietransitioun ze verbessern. Hei weist sech och wéi ee verschidde Strukture matenee verbënnt: de Klimabündnis, den Info-Point vun der Klima-Agence, d'Ëmweltkommissioun, d'Gemengenadministratioun an de Bierger.

De Bau vun der Houwalder Schoul mat der Platin Auszuechnung vum **DGNB** verankert d'Approche an nei a besteeënd Gebaier, wéi den Ausbau vum CIPA an der Schoul um Houwald. D'Patricia Streber, Architekt vun der Houwalder Schoul sot mer: «*Ouni déi grouss Ënnerstëtzung vum Buergermeeschter hätte mer dat net hikritt.*» Gold DGNB ass d'Zil. Des Ausso weist kloer wat politesche Wëlle bedeit an datt mer et maachen. Och beim Aus- an Ëmbau vun der Schoul zu Izeg steet de Wëllen den Energieverbrauch méi effektiv an nohalteg ze gestalten.

D'Kombinatioun vun onser Memberschaft am SIAS an am **Naturpakt** bereeden de Wee fir nei Gemengereglementer fir méi Naturschutz. Hei wëll ech och déi gutt Zesummenaarbecht mam Loïc Hellers an dem Fierschter Pit Schoos a senger Ekipp ënnersträichen. Naturschutz, Biodiversitéit an Upassung zum Klimawandel ginn Hand an Hand. Eng ganz Rëtsch vu Moosnamen si virgesi. An et weist sech: Engagement a Finanze mussen zesumme passen. Bei der Auszuechnung fir den Naturpakt si mer um gudde Wee fir den nächste Step mat 40% ze errechen. An do bleiwe mer net stoen.

De Lien téschent der Kommissioun fir Ëmwelt a Klima mam Klimapakt, wéi och dem Naturpakt, dréit zu enger kontinuéierlecher Ëmsetzung bäi.

Am Beräich **Mobilitéit** huet de Begrëff manner Fossil, méi erneierbar eng ganz praktesch Konsequenz. Den Ersatz vu Verbrenner op Elektro-Autoen, weider Luedstatiounen fir Auto a Vëlo, méi effizient nei Bussen, den öffentlechen Transport weider verbessern, den Ausbau vun de Vëlosweeër, Vëlosstatiounen, de Vëlo als Transportmëttel weider promovéieren, de Pedibus a méi sécher Passagë fir de Foussgänger, ginn net vum selwen a sinn net gratis. An der neier Mobilitéitskommissioun si schonns nei Iddien um Wee. A weem soen ech et: Mir waarden op de Contournement.

**Offall a Ressourcen** hänken enk zesummen. Ech ka mer ons Gemeng net méi ouni den Oekocenter virstellen. Mam ReUse-Shop an den Aktiounen fir Bicher a Krësch-Deko stellt en eng Referenz iwwert d'Grenzen eraus duer. A Verbindung mat der Superdreckskeesch an anere Strukture geet de Wee weider a Richtung méi Reuse, manner Offall, méi Recyclage, en

adequaten Handling an eng gutt Informatioun. Net fir näischt ass e mam Gold-Zertifikat vum RAL GZ950 Rückkonsum ausgezechent, niewebäi bemierkt, deen eenzegen Audit fir Ressourcenzenteren. Ma et gëllt och den Drive-In Center am Houwalder Supermarché weider ze ënnerstëtzen an d'Weider-Entwécklung vum Oekocenter am Ae ze behalen. E Merci geet hei un den Tom Majeres, Direkter vum CCN, dee mat vill Engagement no vir kuckt. Mam Chippe vun den Drecksbacke weisen sech éischt positiv Resultater mat der Reduktioun. Dëst ass de richtege Schrëtt a weist wat eng kontinuéierlech Approche bedeit. D' Aféierung vum ofweie vun de Backe wäert nach e weidere Schub ginn den Offall ze reduzéieren. Am Klimapakt-Aarbechtsgrupp hu mer elo och en neien Tool **Bewäertungsmatrix**, déi op dem Offallgesetz berout an dozou féiert op ville verschiddenen Punkte weider Verbesserungen ëmzesetzen.

An der neier **Kommissioun ReUSE** wäerte mer ons nach méi intensiv a mat neien Iddie fir den Erhalt vun de Ressourcen asetzen.

Onst **Drénkwaasser**, ech bezéie mech op onse Buer Bichel, bréngt ons 25% vum Verbrauch. Des Buerung gëtt erneiert fir dat of ze sécheren. Vum Naturschutz aus gëllt: De Schutz vum Grondwaasser ass elementar a séchert eng gutt Qualitéit vum Drénkwaasser.

Investitiounen an ons **Kläranlag**, d'Kanalnetz an Opfangbecken spillen eng wichteg Roll wat d'Salubritéit an d'Upassung un de Klimawandel ugeet. Mat enger Erhéijung vun der Biogasproduktioun an enger Verbesserung vun der Energie-Effizienz geet et no vir. Dat si bedeitend an néideg Investitiounen.

E Merci geet un all déi Persounen déi fir dëse Budget matgeschafft hunn.

Ech wëll ervirhiewen, dass mam neien Ëmweltschäffen Guy Wester eng nei Dynamik erakomm. Zesumme schaffe mer un den Erausforderunge fir méi Natur-, Ëmwelt- a Klimaschutz.

Dem Buergermeeschter a Schäfferot gëllt meng voll Ënnerstëtzung fir dëse Budget fir eng méi Klima- an Naturgerecht Gemengepolitik.

Zu gudder Lescht soen ech lech heibannen an den Nolauschterer dobausse Merci fir d'Opmierksamkeet.